

De Panewippchen

N°106 1/2014

Wie laacht do am Bongert? S.5

Et Päift an allen Ecken S.10&11

Frëibleier S.14&15

Schaffe wäi een Fërdwermchen S.12&13

Vulleballet S.3

Gackelcher S.8&9

De Feiersalamander S.16

A wie bass du dann?



'natur musée' - 25, rue Münster - L-2160 Lëtzebuerg - Tel.: 462233 450
www.naturmusee.lu
www.panda-club.lu

De Panewippchen gëtt ënnerstëtzt:
Ministère de la Culture - Musée national d'histoire naturelle -
Ministère de la Famille et de l'Intégration - Service National de la Jeunesse -
Ministère du Développement durable et des Infrastructures -
Administration de la Nature et des Forêts - Administration de l'Environnement -
Ministère de la Santé -
Ministère de l'Intérieur et à la Grande Région, Administration de la gestion de l'eau -
Ministère de l'Education nationale et de la Formation professionnelle

Impressum:

Redaktiounscomité:

S. Backes, J. de la Gardelle, S. Goerens, C. Greisen, M. Grosbusch, M. Hagen, S. Hagen, C. Heidt, M. Hoffmann, M. Kirsch, M. Reichard, F. Theisen, M. Ursone, F. Wolff.

Texter:

M. Grosbusch, C. Heidt, M. Kirsch.

Grafik an Illustratioun:

S. Goerens, S. Hagen, M. Kayser, K. Scholtes.

Fotoen:

©'natur musée', J. Schock.


Ouschteren am 'natur musée'

all Kéiers mëttes
vu 14.30 Auer un.

All d'Kanner, déi an der Ouschtervakanz am 'natur musée' laanscht kommen, kënnen hei matmaachen:

Mëttwoch, den 9.4.2014:


Vulleneeër




Freideg, den 11.4.2014 a Sonndeg, den 13.4.2014:

Mir maachen en Iwwerraschungsee aus Leem

Opléisung vum Rätsel



De schnellen
Hues dderf
sech säi
Kraider-
bouquet
gutt
schmache
loossen.



Mëttwoch, de 16.4.2014 a Freideg, den 18.4.2014:
Eeër fierwe mat Naturfaarwen



Foto: © shutterstock

Mini-«Groussbotz»

Mat klengen Handlunge kanns du vill hëllef an dain Deel fir d'Ëmwelt bäidroen!

Elo kann een zum Beispill dobaussen eng Fréijoersbotz maachen, wann ee spadséiere geet oder mam Velo fiert a gesäit, wat alles vun Dreck do läit.

Huel e puer Händsche mat an eng Tut, fir de Knascht dran ze maachen.

Doheem kanns du dann déi verschidde Saachen an d'Valorlux (Plastiksfläschen, Aluminiumbéchsen asw.) sortéieren a Glas bei d'Glas, Kartong bei de Pabeier an de Rescht dann eben an den Drecksback.

Et ass och wichteg, déi aner dorop opmierksam ze maachen! So denge Kollegen an denger Famill Bescheed, datt een de Knascht net einfach eraus an d'Natur geheie soll, mä e mat heem soll huelen, wa keen Drecksback do ass.



VULLEBALLET



HÄR BIERKHUNN




MADAME BIERKHONG

Fotos: © shutterstock

BIERKHONG ALIAS BIRKHUHN ALIAS TÛTRAS LYRE ALIAS TÛTRAO TÛTRIX


- LIEFT A MOUÛEREN AN HEEDEN.
- ËSST BESONNESCH GÄR FRIICHTEN (WÛI MOLBIÛR), KNOSPE VU BÛEM, BLÛIÛEN, BLIEDER AN OCH SEECHOMÛESSEN. D'SCHIPPÛLCHER GI BAL NÛMME MAT INSEKTE GEFIDDERT.
- D'NASCHT ASS UM BUEDEM GUTT TÛSCHENT DE PLANZE VERSTOPPT. WA SCHNÛI LÄIT, GRUEWÛEN D'BIERKHÛNGER HIEÛEN, WOU SI GUTT GÛINT D'KEÛLT GESCHÛTZT SINNT. SI KOMMEN AWÛER ALL DAG ERAUS FIR IÛESSEN ZE SICHTEN.



- ZU LÛTZÛBUÛERG ASS D'BIERKHONG LEIDER SCHONNS AUSGESTUÛERWÛEN AN AN DEN HAUTES FAGNES AN DER BELSCH PÄIFT ET UM LESCHTE LACH.

Zickzack Muerten?

D'lescht stoung an engem Kéisbiedchen als grous Iwwerschréft: Neie Weltrekord: den Usain Bolt ass d'100 Meter an 9,58 Sekonne gelaf! Egal wat: ech maachen dat labber a 5 Sekonnen.



An natierlech lafen ech net riicht aus, mä ëmmer am Zickzack, fir net vum Fuuss gefaang ze ginn. Firwat frësst dat Monster eigentlich keng Mënschen, well déi wäer méi liicht ze kréien an hie géif ons dann a Rou loossen?




A propos lessen: **Kraider a Grieser** sti bei ons ganz uewen um Menu. Muerte ginn et net dacks z'essen, well wéi solle mir doru kommen? **Mir buddele keng Lächer** an de Buedem a gruewen och keng Wuertzele vu Planzen aus. Dat mécht onse Cousin. Leider gétt et awer ëmmer méi schwéier,

fir genuch lessen ze fannen, well de Mënsch op de



Felder all déi Planzen, déi him net gefale mat Gëtt futti sprëtzt. An och d'Hecken an d'Dréischen (=Stécker, déi net vun de Bauere genotzt ginn) ginn ëmmer méi rar.

An anere Wieder: d'Plazen, wou mir ons verstoppen, an ons Restaurante verschwannen.



Nach e Wuert zu onsem Cousin. Déi wunnen a Lächer am Buedem, déi si selwer gruewen. Hir Kanner komme blann a plakeg op d'Welt a leien eng déck Woch unni sech vill ze beweegen an hirem waarmen Nascht. Bei ons ass et awer ganz anescht: ons Kanner gesinn direkt no der Gebuert, hu Pelz a kënnen och lafen.

Ech mengen, elo misst jidderee wëssen, wien ech sinn (natierlech dat gréissten a schéinsten Déier op dëser Säit).



Laang Ouere mat enger schwaarzer Spëtzt



Méi kuerz Ouere unni schwaarzer Spëtzen



1-5 Jonker 2 bis 4 Mol am Joer

5-10 Jonker 5 bis 7 Mol am Joer

Schwanz schwaarz uewendrop

helle Schwanz


50-76 cm grouss 3,5-6,5 kg schwéier

35-50 cm grouss 1-2 kg schwéier

Krallen un de Patten, fir mäi Bau mat Tunnelen ze gruewen

Wee laacht do am Bongert?

Gréngspiecht, Grünspecht, pic vert, Green Woodpecker, *picus viridis*



- 1 = gréng
- 2 = giel
- 3 = rout
- 4 = schwaarz
- 5 = wäiss
- 6 = beige
- 7 = gro

niam!



Hunn ech gär!

- Seechomessen (just heiandsdo stinn aner Insekten a Kiischen um Menu)
- Bongerte mat alen doudege Beem (wou ech mäin Haus dra meessele kann)
- Véiweede mat Seechomessekéip, Lafbëscher.

Foto: wikipedia, ulrichstill



Gréngspiecht

Foto: wikipedia, Andrei Stroe

Kann ech net ausstoen!

- Grouss Nolebëscher
- Felder, wou vill Gëft gesprézt gëtt (do gëtt et näischt z'iessen)
- Schnéi am Wanter (do fannen ech just e puer Seechomessekéip. Wéi ech dat maachen, fir déi léif Déieren ënnert dem Schnéi ze entdecken, verroden ech natierlech net)
- Héngerdéif (Huer) a Co, déi ons iessen.






Sief net esou kriddleg, du ëss jo och Seechomessen!



Foto: wikipedia Ian Baley

Ech si ganz liicht ze erkennen: mol d'Zeechnung faarweg. Du kanns mech just mat mengem klengen Cousin, dem Groespiecht verwiesselen, awer nëmme wann s du ganz schlecht kucks.



Groespiecht

Foto: wikipedia, arudhio



jonke Gréngspiecht



e Gréngspiecht meesselt seng Wunneng an e Bam

Foto: McMarcy



e jonke Gréngspiecht fänkt Seechomesse mat senger laanger Zong

Foto: wikipedia Luis Garcia

De Musée huet mech gefrot, wou iwwerall Gréng Spiechten zu Lëtzebuerg liewen. Leider kennen ech awer just meng Noperen, well mir bliwen dat ganz Joer an onsem Revéier.

Mä du kanns hinne bestëmmt hëllef: So dem Musée w.e.g. Bescheid, wann s du engem Gréng Spiecht begéins. Et ass ganz einfach dat an de Computer anzedroen:

http://data.mnhn.lu/maach_mat


Hei kanns du iwwregens och mäi Ruff lauschten.

An déi Infoe sinn immens wichteg fir ons ze schützen. Esou ka verhënnert ginn, datt Bongerte mat ale Beem a ville Seechomessekéip futti gemaach ginn.

Du wëlls jo bestëmmt nach dacks dem schéinste Spiecht vun der Welt begéinen, also maach mat!

Merci,

Woody Gréng



Groespiecht, Grauspiecht, pic cendré, Greyheaded Woodpecker, *picus canus*


5

KNiWWWE


Geméisketten



Du brauchst:
Eng Wuerzel, eng Courgette, en Apel e Knäipchen, e Schachlikspiiss, Ficelle.



schneid d'Geméis an Tranchen ...



... an den Apel a Stécker




Pick Lächer an d'Geméis an an d'Apelstécker



Maach eng Ficelle derduerch an hänk denger Kanéngchen dës Schneekegkeet an de Käfeg.

Hues du selwer keng Kanéngchen, dann hänk dës Geméisketten einfach ennen un een Drot, dee ronderëm eng Wiss ass.

Hmmmm... schmaachen ass erlaabt!



Geméis mat Dip

Du brauchst:
verschiddent Geméis, dat s du gär hues, 250g wäisse Kéis oder wäisse Jogurt, Salz, Pfeffer, Bratzelen.




Wäsch a schneid d'Geméis a mondgerecht Stécker. Maach et an Dëppercher. An engem Dëppche vermëschs du de wäisse Kéis mat e bësse Salz a Pfeffer. Schneid Bratzelen dran. Schmach, ob et genuch gewierzt ass, a wierz no, wann néideg.

Looss dir et gutt schmaachen!


Bratzelen




6



ELSÄITEN






Rättsel



Fann eraus:

Wie vun eisen Huese kënnt u säin lessen? Ass et d'Kanéngchen, déi sech därer mat Spuet an Héil seng Wuerzel ausgruwe goen? Oder ass et eise schnellen Hues, dee sech därer eng Bott frësch Fréjorskraider hannert d'Knäpp geheien. Oder ass et déi hongereg Kanéngchen, déi sech vu lauter Virfreed op déi gutt Wuerzel de Bauch reift, déi als éischt un d'Wuerzel kënnt?



Wunneng fir d'Kanéngchen

Du brauchst:

- Leem,
- Eng Rumm mat Déift,
- 2 Stécker Holz,
- eng Deegrull,
- eng Mirette (fir d'Gäng ze modeléieren; een emgedréinte Bläistëft geet och)
- Moos, Steng, Buedem.

fir d'Kanéngchen



Aus engem klengen Stéck Leem rullst du eng Bull.

Dréck de Kierper hanner platt an ...

... zéi zwee Oueren an d' Luucht.

Form mam Daum d'Patten a mat engem Bläistëft d'Schnuff.



Looss deng Huesen dréchnen a mol se faarweg. (Mat Waasserfaarf oder Gouache)

fir d'Wunneng



Huel eng Rumm mat Déift ...

... a rull de Leem tëschent zwee Hölzer aus.

Schneid de Leem op d'Mooss vun dengem Rumm aus.

Dréck mat engem Steen Struktur op d'Leem.

Dréck kleng Steng ...

... an e bësse Buedem op d'Leem.






Huel mat enger Mirette (oder engem Bläistëft) d'Gäng vun dengem Bau eraus.

Lee e bësse Moos op eng Schlofplaz ...

... a setz d'äin Hues a säi Bau.

Looss dat Ganzt dréchnen a maach d'Rumm driwwer.



Vun Eeër an



Dréischel
Singdrossel
Grive musicienne
Turdus philomelos



Piwitsch
Kiebitz
Vanneau huppé
Vanellus vanellus



Äisvull
Eisvogel
Martin pêcheur
Alcedo atthis



Spuervull
Wanderfalke
Faucon pèlerin
Falco peregrinus



Kolibri
colibri




Blomees
Blaumeise
Mésange bleue
parus caeruleus



Ouschteree fir
faarweg ze molen
Osterei zum Bemalen
oeuf de pâques à colorier



Märel
Amsel
Merle noir
Turdus merula



= Kaviar

Mierstär
Stör
Esturgeon
Acipenseridae



Strauß
autruche
Struthio camelus



Emu
Emell
Dromaius novaehollandiae



Wuechtel
Wachtel
Caille des blés
Coturnix coturnix



Hong
Huhn
Poule
Gallus gallus domesticus



Gäns
Gans
Oie
Anser anser

Et sinn net nëmmen d'Hénger an d'Vullen déi
Eeër leeën, mä och Fësch, Insekten, Schlaangen,



Kleng roude Haifësch
Katzenhai
Roussette
Scyliorhinus canicula



Raie
Nagelrochen
Raie bouclée
Raja clavata

Ouschtereëer

Amphibie leeën Eeër an deene verschiddenste
Faarwen an an deene komeschste Formen.

Quisel
Gottesanbeterin
Mante religieuse
Mantis religiosa

Méck
Stubenfliege
Mouche
Musca domestica



Mexikanische Stierkapphai
Mexikanischer Stierkopfhai
Requin dormeur buffle
Heterodontus mexicanus



Himmelsdiererchen
Marienkäfer
Coccinelle
Coccinella septempunctata



Amirol
Admiral
Vulcain
Vanessa atalanta




Mouk
Erdkröte
Crapaud commun
Bufo bufo



Zitrounepäiperleck
Zitronenfalter
Citron
Gonepteryx rhamni



Grasfräsch
Grasfrosch
Grenouille rousse
Rana temporaria



Bei
Biene
Abeille
Apis mellifera

Réngelnatter
Ringelnatter
Couleuvre à colier
Natrix natrix



Ouschtereë fir faarweg
ze molen
Osterei zum Bemalen
oeuf de pâques à colorier

Afrikaneschen Erdpython
Afrikanischer Erdpython
Python calabar africain
Calabaria reinhardtii

Galapagos Riesendeckelsmouk
Galapagos Riesenschildkröte
Tortue géante
Chelonoidis nigra



Afrikanesch Hausnatter
Afrikanische Hausnatter
Couleuvre africaine
Boaedon fuliginosus



E Péckvillchen ...

... ass eng aus Toun gebake Päif a Form vun engem Villchen. En ass bannendran huel, huet e Mondstéck (um Schwanz) an uewen oder vir um Kierper e Lach, sou datt een 2verschidden Téin dra blose kann.

De Fëschmaart

Emaischen ...

... (oder Éimaischen) ass den Numm vun engem Maart, deen zu Nouspelt an um Fëschmaart an der Stad op Ouschterméindeg ofgehale gëtt. Ouschterméinden hunn d'Aulebäckeren (Potier, Keramiker) an der Méchelskierch d'Fest vun hirer Zunft (Confrérie) gefeiert. No der Mass gouf dann e Maart mat äerdenem Dëppegeschir ofgehalen. Et kann een unhuelen, datt do och äerde Päifen ze kréie waren, si waren awer sécher net, wéi haut d'Péckvillercher, den Haaptartikel vun deem Maart.




Hei e Péckvillchen aus rout-brongem Toun, deen zu Nouspelt gestach a gebak gouf.



De Stempel



Nouspelt



Nouspelt

Aus dem Maart fir Tounwueren ass mat der Zäit e Kremchesmaart ginn. Zanter 1957 gëtt och zu Nouspelt eng Emaischen ofgehalen. Vun do koum och den Toun, aus deem d'Péckvillercher fabrizéiert goufen. D'Péckvillercher vun Nouspelt hunn e Stempel mam Joer a mam Numm vun der Uertschaft drop. Viru genee 100 Joer ass dee leschte richtegen Aulebäcker zu Nouspelt gestuerwen.



Aulebäcker MUSEE de la poterie

Aulebäcker

1458 hat zu Nouspelt d'Aulebäckerhandwierk säin Ufank. Virun 200 Joer gouf et 17 Aulebäckerbetriber zu Nouspelt, déi aus dem Duerf ee vun den Zentre fir d'Produktioun vu Keramik zu Lëtzebuerg gemaach hunn. Dat war nëmme méiglech, well si do deen tounge Buedem konnte stiechen, fir hir Keramik ze maachen.



Beim Aulebäcker

Lauter Nospelter Péckvillecher

allen Ecken!

Selwer e Péckvilleche maachen

1



Huel ee Steck Leem, wat guft an deng Hand passt.

2



Deel et an 2 gläichgrouss Stécker a rull téscht dengen Hänn zwou Kugelen doraus.

3



Dréck däin Daum an déi éischt Kugel a form eng kleng Schësselchen doraus. Dat selwesch méchs du mat der zweeter Kugel.

4



Lo kanns du déi 2 Kugele matenee verbannen, andeems du se openee lees an d'Boren verrefs.

5



Sou entsteet elo eng huel Kugel, déi s du op enger glater Ënnerfläch kanns rullen, fir datt se schéi glat gëtt.

6



Als nächst muss d'Kugel lo téscht den 2 Hänn gerullt ginn, bis se eng Eeërfom huet.

7



Dann drécks du téscht dem Domm an dem Zeigefanger op der méi décker Säit vun dengem Ee de Käppche vun dengem Villchen eraus.

8



Lo ass et um Schniewel! Dee gëtt mat de Fingerspëtzen erausgepëtz.

9



De Schwänzchen ass lo nach ze kleng. Do muss e Stéck Leem ugesat an ugeriwwe ginn.

10



D'Äe kanns du mat der Spëtzt vun engem Bic andrécken.

Da kënt de schwiergsten Deel: de Villchen un d'Päifen ze kréien.

11



Dofir muss do, wou de Schwänzche verlängert gouf, eng kleng Fënster ageschnidde ginn. Da gëtt wéi bei enger Flütt e Stéckelche schif erausgeschnidden.

12



Da gëtt vum Schwänzchen aus mat enger klenger Spachtel oder engem feine Messer sou duerchgestach, datt de Schlitz, deen entsteet, genee op d'Kant trëfft. Wann een duerch de Schlitz bléist gëtt d'Loft gebrach an esou entsteet een Toun.

Honnerten ...

Wann Péckvillercher a méi grousser Zuel produzéiert ginn, gëtt dacks eng gipse Form hirstallt, an déi dann den Toun agedréckt gëtt. Sou entstinn dann honnerten där selweschter Villercher.

Et gi Verkeefer, déi hir Péckvillecher a Fabriken a grousser Masse produzéiere loossen, etlecher dovun sinn emol guer net aus Keramik, mä aus Gips. Verschiddener sinn och keng Villercher, mä aner Déieren oder Saachen oder abstrakt Formen.

13



Zu gudder Lescht kanns du nach e klengt Lach mat engem Schaschlikspieß ënnert de Villchen oder vir op seng Broscht stiechen. Sou kann däi Villchen dann och a verschidden Téin päifen.

Wann de Péckvillchen gedréchent ass, kann en an engem Keramikewe gebrannt ginn an nach schéi glaséiert ginn.

Jee no Gréisst a Form vum Schniewel an der Kierperform kënne vill verschidde Villercher entsto.



«Schaffe wéi een Äerdwiermche

... dat soe mir net fir näischt.

D'Reewierm sinn déi wichtegst Aarbechter am Buedem!

Wéi kënnt de Reewuerm u säin Numm?

Den Numm «Regenwurm» kënnt net vum Reen, dee vum Himmel fällt, mee vun «reger Wurm», well hie sou wibbeleg ass a sou vill schafft.



Wat schaffen d'Reewierm dann?

Si lackeren an duerchlëffen de Buedem duerch hir Tunnelen a produzéieren fir d'Planzen de weltbeschten Dünger. De Buedem ka vill méi Waasser ophuelen, an dacks wuessen d'Wuerzele vun de Planze grad duerch de Wierm hir Tunnelen erduerch. Dat ass praktesch, well d'Wuertunnelen si mat Reewuermkaka souzesoen tapezéiert an esou kënnen d'Wuerzelen déi wichteg Nährstoffer gutt ophuelen.

D'Wuermfamill

Et gi vill verschidde Wierm (bei eis ëm déi 40 Aarten), et gëtt rouder, donkelbronger, groëlzecher, gieler a bloer. Si hunn net nëmme verschidde Faarwen, mee och verschidde Liewensgewunnechten. Vill vun hinne liewen a labbere Planzereschter, Schuelen a Blieder oder am Kompost. Anerer liewen ënnen am Buedem a gruewen déif senkrecht Gäng (alt bis 2,5 m déif) Si wunne souzesoen op verschiddene Stäck am Buedem: d'»Streubewohner« um Rez-de-chaussée, d'»Mineralboden-Bewohner« am Keller bei de Wuerzele vun de Planzen an d'»Tiefgräber« am 2. Sous-sol.

Verschidde Wierm si just e puer cm laang. An den Trope gëtt et awer Wierm, déi bis 3 m laang ginn.



D'Reewierm gehéieren zu de Réngelwierm. Si gi sou genannt, well hire Kierper vu vir bis hannen aus enger Kette vu Segmenter besteet. Si hunn och winzeg Bueschten, déi hinnen nieft dem Zesummenzéien hëllef weider ze krauchen.




Foto: GFDL & CC ShareAlike 2.0
dipeed/wikimedia

Wou ass vir an hannen?



hannen, ofgeflacht a méi breet

Foto: Dodo-Bird - wikipedia



Foto: Michael

Wuermhumus

Gescheit Gäertner notzen d'Hëllef vun de Reewierm. Wuermhumus ass ganz wäertvoll fir d'Planzen. An him sinn héichkonzentriert Pflanzennährstoffer, et ass e super Dünger fir d'Planzen. Wann s du dobausse Wuermkaka sammels, kanns Du deen dono als Dünger bei deng Zëmmerplanze ginn.



Foto: otto ehrmann - Bildarchiv Bodén

Ouni Wierm: «Grouss Hongersnout!»

Net datt mir selwer gär Wierm iessen, sou wéi vill verschidden Déieren, mee ouni si géif et kee Buedem, keen Ackerbau, keng Landwirtschaft a mir hätten näischt z'iessen!



Wuermkomposter: Wierm zichten a Kompost maachen ass ganz einfach:

Du brauchst eng Holzkëscht (ongeféier 40x60x30 cm) mat engem Deckel.

Geméisreschter, Kaffissaz, Blieder vun de Beem, a.s.w. (just keng Ënneschuelen!

Oder 2 Plastikskëschte mat engem Deckel. D'Plastikskëschten halen d'Fichtegkeet besser, dat ass guff, well d'Wierm hunn et gär fiicht.

Da setz du e Grapp voll Wierm an d'Këscht a méchs den Deckel drop.

Wann et awer ze vill fiicht gëtt, si si net méi frou, dofir ass et wichtig, déi 2 Këschten openeen ze stellen an an déi iewescht Këscht ganz vill Lächer ze bueren fir datt dat Waasser, wat zevill ass, kann erofdräpsen.

Soulaang deng Wiermercher genuch Fudder a Fiichtegkeet hunn, fülle si sech ganz wuel a maache Kompost.



An deng Këscht félls Du Karton ouni Faarfdrock (z.B. Eeërkarton), Sand, Kokosfaseren (kriss Du am Block ze kafen) an e bësse Buedem. Do drop kënnst dann de Wiermercher hieft Fudder: Gaardenoffall, Uebst- a



Bei vill Reen lafen d'Reewierm aus hire Wunntunnele fort, well soss kéinte si erdrénken. Bei Dréchenheet oder Frascht rulle si sech dacks am Buedem als Knuet zesummen a waarden op besser Zäiten.

D'Mäerche vum halwe Wuerm

Vill Leit mengen, aus engem Wuerm géifen der zwee ginn, wann en an der Mëtt duerchgetrennt gëtt. Et ass awer just déi viischt Halschent, an deeër déi liewenswichtig Organer sinn («Gehirn», Mo, «Häerz»), déi weider leeft. Den ofgetrennten hënneschten Deel stierft a kuerzer Zäit of.




Michael Linnenbach

Wéivill Wierm?

14% vun de Liewewiesen ënnert dem Buedem si Reewierm.

Wa mir eng Wiss vun engem Hektar (100m x 100m) hunn, wou genuch Gras drop wiisst fir eng Kou (500 kg), da fanne mir am Buedem vun der selwechter Wiss 3x d'Gewicht vun der Kou u Reewierm, dat heescht 1500 kg Reewierm.




Wann d'Wierm Klenger kréien ...

D'Reewierm sinn Zwitter, dat heescht all Déier ass Männchen a Weibchen zesummen, huet souwuel Ee- wéi och Spermzellen. Si si Mama a Papa mateneen, sou ze soen «Mapa». Bei der Paarung leeë si sech mat der décker Plaz (och Rimm genannt) widdereneen an tausche Spermzellen aus. Dono leeën déi zwee «Mapaen» Kokonen, aus deenen no e puer Wochen déi kleng Wiermercher erausklammen.



Foto: beentree - wikipedia

Dës Déieren hunn de Wiermche fir ze friesse gäer!



Fotos: shutterstock.com

Mir sinn déi éischt!


steckbréif:
Fréibleier.

Wéini bléie se?

Si bléien am Mäerz/Abrëll, wann et dobausse méi waarm gëtt.
Verschiddener bléie schonns am Februar (Schnéikläckelcher).

Wéi maache si dat fir esou fréi ze bléien?

Si hunn an hirer Spënnchen (Vorratskammer) Reserven ugeluet (wichtig Nährstoff), déi schonn am Fréijoer vum Joer virdu gesammelt gi sinn.
Dofir ginn e puer waarm Deeg duer fir hir Blieder a Bléien ze entwéckelen.
Esou gesinn hir Spënncher aus:



Äerdspross

Knöllchen oder Knoll
D'Knoll gesät bannen
aus wéi eng Gromper.

Zwiwwel
D'Zwiwwel besteet bannen
dran aus ville Schichten.

Zwiwwel

Knoll


Firwat musse si sou fréi bléien?

An där kuerzer Zäit wou d'Beem nach keng Blieder hunn, kënt am meeschte Luucht op de Buedem. Si notzen dës Luucht net nëmme fir Blummen a Som ze produzéieren, mä och fir hir Reserve fir dat Joer duerno unzeleeën.

Wourunner mierken d'Fréibleier, datt et Zäit ass fir auszeschéissen an ze bléien?

D'Temperature klammen.
D'Sonn schéngt méi hell.
D'Deeg gi méi laang.

Op dëser Zeechnung erkennt een, wéini d'Planzen um Buedem am meeschte Luucht kréien (am Fréijoer) wann d'Beem nach keng Blieder hunn.



Stärkt vun der Sonneluucht just iwwert dem Buedem

Schlüsselblumm

Kleng Fräschblumm

Bëschanemon

Schnéikläckelchen

Schnéikläckelchen
Schneeglöckchen
Perce-neige, Goutte de lait
Snowdrop
Galanthus nivalis



Schnéikläckelchen



D'Schnéikläckelchen huet hiren Numm, well si dacks scho blifft, **wann nach Schnéi läit**. (Dëst Joër war et natierlech anescht.) Si ass déi éischt vun de Fréibleier.

Et gi **keng wëll Schnéikläckelcher** hei zu Lëtzebuerg. Et fënnt ee se awer dofir iwverall an de Gäert a Wise ronderëm d'Haiser.

Op hirem Som pecht eng Kamell, déi séiss schmaacht an déi vun de Seechomësse ganz gär gefriess gëtt. D'Seechomësse verschleefen esou **d'Somkären** a verbreedden doduerch d'Schnéikläckelchen iwverall.

D'Schnéikläckelchen duerchbrécht de Buedem mat enger schaarfer, fester Blatspëtz. Dofir kënn si och duerch e gefruerene Buedem.

Hir **Zwiwwel** ass **gëfteg**, dofir frësst kee se. Owes wann et däischer gëtt, ginn d'Bléien zou.



Kleng Fräscheblumm



Kleng Fräscheblumm
Scharbockskraut
Ficaire
Lesser celandine
Ranunculus ficaria

Dës Planz fällt op mat hire knallgielen, stäreförmege Bléien.


Den däitschen Numm kënnst du fréier, well do sinn d'Blieder (éier d'Planz blifft) nom Wanter **géint de Skorbut** (=Scharbock) giess ginn, eng Vitamin C-Mangelkrankheet. Fréier haten d'Leit (a besonnesch d'Matrousen, déi méintelaang mam Schëff ënnerwee waren), de Wanter iwver net vill frëscht Geméis an Uebst mat Vitaminen.

Zevill d'ar Blieder kënnen och gëfteg wierken.

Hir Blieder si ronn, häerzförmeg a blénkeg an hu ganz vill Oderen.

Tëschent dem Blatstill an dem Haaptstill si **kleng wäiss Knöllcher**, d'Brutkiepercher, déi spéider eroffalen an esou entstinn nei Planzen. Si gesinn aus wéi Weeskären.

Si schwammen uewen um Waasser a kënnen sou och vum Waasser weidverbreet ginn.



Guckucksblumm
Wald-Schlüsselblume
Coucou des bois
Oxlip
Primula elatior



Bëschanemon




Hir Bléie sinn all uewen zesummen an engem Bouquet op engem laange Stil. Ënnen ass eng Blatrossett. Hir Bléien hunn eng giel Faarf, déi méi blatzeg ass wéi déi vun der Wisenguckucksblumm.

D'Bléie vun der Guckucksblumm **zéie ganz vill Insekten un**, déi wëllen Nektar suckelen. Dësen Nektar läit awer ganz déif an der Bléi, sou datt nëmme Bommelen a Päiperleke mat engem extra laange «Saugrüssel» dru kommen.


Den **orange Fleck** an der Mëtt op der Bléi wierkt op d'Insekten wéi e Luuchtepanno an eng Landepist. D'Wieseguckucksblumm huet am Verglach op all Blat vun der Bléi en orange Fleck.

D'Guckucksblumm war der keltischer **Fréijoersgöttin** hire **Schlëssel** mat deem si d'Himmelsdir opgespaart huet fir d'Päiperleken, d'Vigel an d'Blummen eranzeloossen.

Bei de Chrëschte war d'Guckucksblumm irgendwann de Schlësselbond vum Péitrus, dem Himmelswiechter.



Guckucksblumm



Bëschanemon
Buschwindröschen
Anémone des bois
Wood anemone
Anemone nemorosa

Si wiisst am Bësch a **groussen Teppecher** zesummen. Sou halen d'Planze sech waarm a schütze sech virun der Keelt.

Hir Bléie si wäiss, an heiansdo rout/rosa ugelaf. Si dréit sech mat der Sonn. Hir **Blieder si gëfteg**, fir datt keng Schleeke se friessen.

Datt vill Planzendeeler gëfteg oder batter sinn ass eng Strategie vun de Fréibleier. Esou gi si net gefriess.

Si verbreet sech mat hirem Rhizom, och Äerdspross genannt, ënnert dem Buedem.

Dee wiisst leider nëmme 2-3 Zentimeter am Joër! Wann et däischer ass, oder den Himmel gro ass, da léisst d'Bëschanemon hire Kapp hängen a **mécht hir Bléi zou** fir hire wäertvolle Pollen ze schützen.

Wann een dës Blumm pléckt, da loosse si hire Kapp séier hängen a verwielechen, well si brauche ganz vill Waasser.

De Feiersalamander

Feuersalamander, salamandre fâchetée, Fire Salamander, *Salamandra salamandra*



23 cm

Wunnen
 D'Feiersalamander gehéieren, wéi d'Fräschen an d'Mouken, zu der Famill vun den Amphibien. Si liewen am Léifsten a Bëscher mat vill Verstopp. Si brauche fiichte Buedem a kill a propper Baachen oder Dëmpelen.



Alldag


D'Feiersalamander sinn **nuets** ënnerwee. Am Dag verstope si sech a Fielssplécken, ënnert Steng oder futtissem Holz, oder an Hielen am Buedem. Op hirem **Menü** sti Reewierm, plakeg Schleeken, Insekten a Spannen. E Feiersalamander kann an der fräier Natur iwwer 20 Joer al ginn. De **Wanter** verbrénge si an hire Verstopp a komme scho bei den éischte mëllen Deeg am Fréijoer nees luussen.

Nowuess

D'Feiersalamander verkoppele sech vun Abrëll bis September u Land. No 8-9 Méint leet d'Feiersalamander mamm ongeféier 30 lieweg **Larven** am Waasser of. Si ootme mat Kiemen a friesse kleng Waasserdéieren. No 3-6 Méint verwandelen d'Larve sech a Feiersalamander, déi u Land liewen a mat Longen ootmen.

Gefor

Fir Feinde lass ze ginn kënnen d'Feiersalamander op hirem Réck **Gëff** ausscheiden. Beim Mënsch brennt dat just e bëssen op der Haut, awer d'Déiere maache sech léiwer aus dem Stëbs. Doduerch an duerch seng grell **Warnfaarf** huet de Feiersalamander keng Feinden, déi hie friessen. D'Gefor fir hien ass virun allem **d'Zerstéierung an d'Verschmottung vu sengem Liewensraum**. Baachen a Quelle ginn abetonnéiert a si voll Dreck; hee fënnt keng Verstopp méi, an d'Larve kënnen net méi grouss ginn. Op de Stroossen an de Weeër laanscht an an de Bëscher ass vill Verkéier a vill Feiersalamander ginn iwwerrannt.



Hëllef fir de Feiersalamander zu Manternach




Schutz

Fir dem Feiersalamander ze hëllef, ka vill gemacht ginn:

- Feld- a Bëschweeër gi fir Autoe gespaart zu deenen Zäiten, wou de Feiersalamander wandert.
- **Tunnele** ginn ënnert Stroossen ugeluecht op Plaze mat vill Bësch
- **Schëlde** fir ze warnen a fir d'Vitesse erozesetze ginn opgestallt
- Et gëtt probéiert, säi **Liewensraum** - Lafbëscher mat proppere Baachen - ze erhalen oder neien ze schafen.

16



De Feiersalamander zu Lëtzebuerg.



Imprimerie Faber